


Témoin de l'authenticité culturelle de l'Arelerland, ce calendrier allie l'humour à la sagesse populaire, faisant fleurir chaque jour un proverbe, un dicton ou une expression en langue luxembourgeoise.

La sélection présentée pour l'an 2003 par Yolande Mathey, reprend les plus savoureux des proverbes des années précédentes, en hommage à madame Simone Clesse qui les avait répertoriés avec tant de passion.
(Cartes anciennes : collection Gaby Thommes)

# Volleks Kalenner fir d'Jor 2003




Ce calendrier a été réalisé et édité par

***ARELERLAND A SPROOCH***

association culturelle pour la défense de la langue
et de la culture luxembourgeoise.

Photo de couverture :
Arlon. Paysage à la Gaichel (oblitéré en 1913)


Ci-contre : Ee Fändel fir d'Arelerland – Un drapeau pour l'Arelerland




ARLON : Hall Louis : tirage de la Loterie Coloniale

# JANUAR - HAARTMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | **NEIJOOSCHDAG** | |
| Donneschteg | 2 | Déi räich Leit kloen am meeschten | Basile |
| Freideg | 3 | Déi räich Leit haten zjor scho genug | Genowewa |
| Samschdeg | 4 | E léit wéi e Biessemsbënner! | Odilon |
| **SONNDEG** | **5** | Léi nit mat deem Monn woumat s de biets | Eduard |
| Méindeg | 6 | **DRÄIKINNEKSDAG** | |
| Daaschteg | 7 | Dat geet vir eran an hannen eraus! | Melanie |
| Mëttwoch | 8 | Besser zweemol gefrot wéi eemol emsoss geklot | Lucien |
| Donneschteg | 9 | De Klenge wiisst aus all senge Kleeder eraus | Julien |
| Freideg | 10 | Déi Al soll een éieren, déi Jong soll ee léieren | Guillaume |
| Samschdeg | 11 | Déi Verstänneg soll ee froen an d'Gecke verdroen | Paulinus |
| **SONNDEG** | **12** | Si huet eng Gabber wéi een Affekot | Tatiana |
| Méindeg | 13 | Den Apel rullt nët wäit vum Bam | Yvette |
| Daaschteg | 14 | Besser den Aascht fält ewéi de Bam | Hilaire |
| Mëttwoch | 15 | Een Af mécht der Honnert | Remi |
| Donneschteg | 16 | Ëngem schéinen Af geet alles gut | Marsëll |
| Freideg | 17 | Léiert keen alen Af Grimasse maachen! | Antouni |
| Samschdeg | 18 | Déi Rees kascht mer d'Aen aus dem Kapp | Stull vum Hl.Péitrus |
| **SONNDEG** | **19** | Vu Virwëtz huet d'Kand d'Aen an de Mond opgerass | Prisca |
| Méindeg | 20 | **BASCHTIANISDAG** | |
| Daaschteg | 21 | Dat do huet Ae vir an hannen | Agnes |
| Mëttwoch | 22 | Hien huet mech op d'Ae gedréckt | Vincent |
| Donneschteg | 23 | D'Aen sinn dacks méi grouss wéi de Mo | Raymond |
| Freideg | 24 | Aus den Aen, aus dem Sënn | Priest |
| Samschdeg | 25 | **PAULUSBEKEIERONG** | |
| **SONNDEG** | **26** | Besser mam Fouss wéi mat der Zong ausgerëtscht | Timoté |
| Méindeg | 27 | Bestued, beklaakt – begruef, gelueft | Angela |
| Daaschteg | 28 | Aus näischt gëtt näischt | Charlemagne |
| Mëttwoch | 29 | Bestueden an defen zegläich, dat nennt ee sech tommelen | Gildas |
| Donneschteg | 30 | Aus engem Kuelesak rëselt ee kee Miel | Marting |
| Freideg | 31 | Besser unhalen wéi duerhalen | Mutien-Marie |



POST : L'église



TONTELANGE :
route de Grendel (oblitéré en 1910)

# FEBRUAR - SPIIRKEL


| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Besser eng Kuuscht am Sak ewéi eng Plomm um Hutt | Brigitta |
| **SONNDEG** | **2** | **LIICHTEMESDAG** | |
| Méindeg | 3 | Dat Aalt dauert am längsten | Blasius |
| Daaschteg | 4 | Déi al Helleg sin déi bescht | Veronika |
| Mëttwoch | 5 | Dene Päerd, déi gutt zéien, leet ee vill op | Agätt |
| Donneschteg | 6 | De Päerd an de Fraleit soll ee gutt Wuert ginn | Dora |
| Freideg | 7 | Deen nët spillt gewënnt am meeschten | Richard |
| Samschdeg | 8 | Deen um falsche Wee ëmkéiert, huet sech nët geiert | Jherom |
| **SONNDEG** | **9** | Déi Doudeg liesst ee roueg | Appelin |
| Méindeg | 10 | Déi hongreg Fléi bäisse schaarf | Arnaud |
| Daaschteg | 11 | **LEIFFRA VU LOURDES** | |
| Mëttwoch | 12 | Besser an e saueren Apel bäisse wéi Honger leiden | Dommes |
| Donneschteg | 13 | Besser waarme Gestank wéi kale Wand | Beate |
| Freideg | 14 | D'Aarbecht huet eng batter Wuerzel an eng séis Fruucht | Valentin |
| Samschdeg | 15 | Besser gutt geroscht wéi schlecht geschafft | Claude |
| **SONNDEG** | **16** | Et ass d'Seechi vun der rouder Geess | Julienne |
| Méindeg | 17 | Eng al Geess huet och nach gär e gréngt Blietchen | Alexis |
| Daaschteg | 18 | Hien ass steif wéi e Briet | Bernadette |
| Mëttwoch | 19 | Hatt ass platt wéi e Briet | Siméon |
| Donneschteg | 20 | Kommt der bal? Ons Féiss ginn ons kal. | Sylvain |
| Freideg | 21 | Kommt der gläich? Da gi mir op d'Schläich | Pater Damien |
| Samschdeg | 22 | Kommt der nët gewëss, da kritt der e Schouss voll Nëss (eng ferm op d'Schnëss) | Isabelle |
| **SONNDEG** | **23** | Bal ass nach keng Maus an der Fal | Florent |
| Méindeg | 24 | Besser e Fanger laang gehandelt wéi en Aarm laang geschafft | Mathias |
| Daaschteg | 25 | Wat wëllt der hunn, soen d'Leit an da gi se iech nach näischt | Romeo |
| Mëttwoch | 26 | Mäi léiwe Jong, soen d'Meedercher, an dann hu se een nach nit gär | Nestor |
| Donneschteg | 27 | Eng fett Käche mecht e moert Testament | Honorine |
| Freideg | 28 | Wann et dem Iesel ze wuel ass, da geet en op d'Äis danzen | Romain |





ATHUS : route de Pétange (oblitéré en 1923)

# MÄERZ - LENZMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Déi kleng Äppel sinn déi bescht, wa mer keng aner hunn | Aubin |
| **SONNDEG** | **2** | Déi schwarz Kéi ginn och wäiss Méllech | Scharëll |
| Méindeg | 3 | Dee mengt, wéineg denkt | Cunégonde |
| Daaschteg | 4 | Deen net bäisse kann, soll d'Zänn nit weisen | Adrien |
| Mëttwoch | 5 | Déi Leit, déi nimools Zäit hunn, maan am mannsten | Kasimir |
| Donneschteg | 6 | Déi Päerd, déi am meeschten struewelen, zéien am mannsten | Colette |
| Freideg | 7 | D'gebroden Dauwe komme kengem an de Mond geflunn | Thomas d'Aquin |
| Samschdeg | 8 | D'Fett wëllt uewe schwammen | Jean de Dieu |
| **SONNDEG** | **9** | De Baart rëscht de Bock | Franziska |
| Méindeg | 10 | De Bauch kann nët fir de Kapp | Vivien |
| Daaschteg | 11 | Deen A seet muss och B soen | Eloge |
| Mëttwoch | 12 | Déi Al hunn all Dag eppes neies | Justine |
| Donneschteg | 13 | Déi bescht Drauwen hänken ëmmer uewen | Euphrasie |
| Freideg | 14 | De Guckuck séngt nit fir déi Al | Mathilde |
| Samschdeg | 15 | Déi blannst sinn déi, déi nit kucken | Luis |
| **SONNDEG** | **16** | E mécht e Bockel wéi d'Kaz um Schläifsteen | Bénédicte |
| Méindeg | 17 | Ech luede mer deen nit op de Bockel | Patrick |
| Daaschteg | 18 | Et ass fir sech e Bockel an d'Säit ze laachen | Narcisse |
| Mëttwoch | 19 | **JOUSEFSDAG** | |
| Donneschteg | 20 | Den Domm ass an de Pëtz gefall | Herbert |
| Freideg | 21 | ... de Spëtzlek huet en eraus geholl **FREIJOR** | Benoît |
| Samschdeg | 22 | ...... de Laanghals huet en heem gedroen | Léa |
| **SONNDEG** | **23** | ........de Jäitzhaans huet der Mamm et gesot | Victorien |
| Méindeg | 24 | ...........de Stuppschwanz ass gutt gebäätscht ginn | Gabriel |
| Daaschteg | 25 | **MARIA-VERKËNNEGUNG** | |
| Mëttwoch | 26 | Den Dommeneck war an de Pëtz gefall | Eugénie |
| Donneschteg | 27 | ... de Féngerleck huet en eraus gezunn | Habib |
| Freideg | 28 | ...... de Laanghals huet en ofgedréchent | Gontran |
| Samschdeg | 29 | ........ de Grohänschen huet en an d'Bett geluecht | Gwladys |
| **SONNDEG** | **30** | **ELLESONDEG** ........... de Stuppschwänzchen huet der Mamm et gesot | Amédée |
| Méindeg | 31 | ........ an huet eng Botterschmier kritt | Benjamin |




FOUCHES, le moulin Marie-Thérèse
(oblitéré en 1912)




HACHY, vue du village et du lavoir
(oblitéré en 1910)

# ABRËLL - GECKSMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | Abréilsgeck, streck deng Nues an de Kéidreck | Hugues |
| Mëttwoch | 2 | Kannerwëll ass Kalwerdreck, deen en deet ass e Geck | Sandra |
| Donneschteg | 3 | E kann net derfir, en huet sech nët selwer gemeet | Richard |
| Freideg | 4 | Wou kee Mann ass kee Rot, wou keng Fra ass kee Stot | Isi |
| Samschdeg | 5 | Gudde Kascht, décke Bauch – vill Saufen eng rout Nues | Irène |
| **SONNDEG** | **6** | **PÄLLEMSONNDEG** | Marsellin |
| Méindeg | 7 | Et ass aus a verbäi | Johannes |
| Daaschteg | 8 | En ass vergaang wéi de Schnéi an der Sonn | Jhuli |
| Mëttwoch | 9 | Si verdroe sech wéi Hond a Kaz | Waudru |
| Donneschteg | 10 | D'ganz Woch krank a sonndes näischt ze begruewen | Fulbert |
| Freideg | 11 | Kand! Roueg mat de Been a wibbel mam Hënner | Stanislas |
| Samschdeg | 12 | En ass bekannt wéi Pilatus am Credo | Jhull |
| **SONNDEG** | **13** | **GRINGENDONNESCHDEG** | Ida |
| Méindeg | 14 | En hat Ouere wéi e Kabesblat | Ludivine |
| Daaschteg | 15 | En huet vill am Kapp a wann et och Stréi ass | Patern |
| Mëttwoch | 16 | Deen huet e Kapp wéi eng Holzhä | Benoît |
| Donneschteg | 17 | Si gläiche sech wéi d'Ierzen an der Scheck | Anicet |
| Freideg | 18 | **KARFREIDEG** | Parfait |
| Samschdeg | 19 | **KARSAMSCHDEG** | Emma |
| **SONNDEG** | **20** | **OUSCHTERDAG** | Agnès |
| Méindeg | 21 | **OUSCHTERMEINDEG** | Anselme |
| Daaschteg | 22 | Si passt op hir Kanner op wéi d'Kluck op d'Hénkelen | Alexandre |
| Mëttwoch | 23 | Et kääft ee keng Kaz am Sak | Jhorsch |
| Donneschteg | 24 | E laacht wéi ee kromme Fanger | Fidèle |
| Freideg | 25 | E kann d'Fangere nit halen | Markus |
| Samschdeg | 26 | Hatt huet een un all Fanger hänken | Alida |
| **SONNDEG** | **27** | D'Klack déi séngt ass duerch d'Feier gaang | Zita |
| Méindeg | 28 | D'Klack rifft an d'Kierch, geet awer nit dran | Valérie |
| Daaschteg | 29 | D'Mecken erkennen de Mëllechsmann | Katherina |
| Mëttwoch | 30 | D'Männer bestuede sech wëll se midd sinn, d'Fraen aus Virwëtz | Robert |




VIVILLE : ferme (oblitéré en 1906)

# MEE - OKTAVSMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | **AARBECHTSFEST (Hl. Jousef)** | |
| Freideg | 2 | En ale Kniecht an eng jong Mod gëtt e grousse Stod | Boris |
| Samschdeg | 3 | Eng Hand wäscht déi aner | Jhak a Flëpp |
| **SONNDEG** | **4** | Wann de Mann mam Hummer kënnt kommen ech nit virun | Sylvain |
| Méindeg | 5 | D'Mass fänkt nit un bis de Paschtouer do ass | Judith |
| Daaschteg | 6 | En ale Stot hält alles zu Rot | Prudence |
| Mëttwoch | 7 | Eng uereg Frau ass de beschte Zonk ëm't Haus | Gisella |
| Donneschteg | 8 | D'Spréiwe si gouereg wëll se mat Träpp ginn | Désiré |
| Freideg | 9 | D'Haaptsaach vun enger Saach ass ëmmer d'Saach | Pacôme |
| Samschdeg | 10 | De Vull erkennt een um Gesank | Solange |
| **SONNDEG** | **11** | E gudde Frënn ass méi wäert wéi honnert Koséngen | Mamer |
| Méindeg | 12 | Eng falsch Frënnschaft gläicht enger Sandbänk | Pancrace |
| Daaschteg | 13 | Eidel Fässer man dee meeschte Kaméidi | Servais |
| Mëttwoch | 14 | E Geschäftsmann deen nit litt, ka säi Buttek zoumaan | Boniface |
| Donneschteg | 15 | Dat léisst sech nit op d'Féiss trieden | Denise |
| Freideg | 16 | Ech hunn d'Schong voller Féiss | Honoré |
| Samschdeg | 17 | Deen den Iesel spillt muss d'Säck droen | Pascal |
| **SONNDEG** | **18** | E gouf gedëlleg wéi e Lamm | Juliette |
| Méindeg | 19 | Dee Lëmmel! Deen huet vill Lais um Pelz | Yw |
| Daaschteg | 20 | Eng Laus vernennt déi aner Lausmudder | Bernardin |
| Mëttwoch | 21 | Dee kéiert sech ewéi e Mielsak! | Constantin |
| Donneschteg | 22 | En danzt ewéi e Mielsak! | Rita |
| Freideg | 23 | Dat ass Waasser op seng Mille gekéiert | Didier |
| Samschdeg | 24 | E war monter, wéi e Vull um Räis! | Angela |
| **SONNDEG** | **25** | Besser jonk dra gesprong wéi al dra gezwong | Soffi |
| Méindeg | 26 | Besser Leit hu besser Saachen, wat se nit hunn, loosse se maachen | Bérenger |
| Daaschteg | 27 | Besser voll wéi geckeg a besser spéit wéi nit! | Augustin |
| Mëttwoch | 28 | En huet him d'Stäre vum Himmel versprach | Germain |
| Donneschteg | 29 | **CHRISTIHIMMELFAART** | |
| Freideg | 30 | Dat dauert eng Eiwegkeet a nach dräi Deeg | Ferd |
| Samschdeg | 31 | **MARIA HEIMSUCHUNG** | |




ATTERT : arrivée de la malle-poste
(oblitéré en 1908)




HEINSTERT : l'église

# JUNI - BROOCHMOUNT


| | | | |
|---|---|---|---|
| **SONNDEG** | **1** | Dee vill huet ass vill gehäit | Réverien |
| Méindeg | 2 | Deen nit vill gesäit kann nit vill verzielen | Erasme |
| Daaschteg | 3 | Besser gro wéi nët méi do | Kévin |
| Mëttwoch | 4 | Dee wëllt blénken, dee muss klénken | Clothilde |
| Donneschteg | 5 | Besser eemol gutt wéi zweemol schlecht | Igor |
| Freideg | 6 | Et ass kammoud wéi klengt Holz | Norbert |
| Samschdeg | 7 | E gouf hannert d'Ho geschleeft | Gilbert |
| **SONNDEG** | **8** | **PÄISCHDAG** | |
| Méindeg | 9 | **PÄISCHMEINDEG** | Diana |
| Daaschteg | 10 | **PÄISCHDAASCHTEG** | Landry |
| Mëttwoch | 11 | Mat Hunneg fänkt ee méi Mécke wéi mat Esseg | Barnabé |
| Donneschteg | 12 | Et ass em esou wuel wéi dem Mued am Apel | Guy |
| Freideg | 13 | Besser eng Méck am Däppe wéi guer näischt | Antouni |
| Samschdeg | 14 | Ech hun d'Häerz deck | Valère |
| **SONNDEG** | **15** | En huet d'Häerz op der Hand | Germaine |
| Méindeg | 16 | En huet et um Häerz | Lutgarde |
| Daaschteg | 17 | Et muss ee nit ëmmer de Bierg gesinn | Hervé |
| Mëttwoch | 18 | D'Meedercher sinn ewéi d'Kazen, gär geschmeechelt mee krazen och gär | Léonce |
| Donneschteg | 19 | Et si méi Kette wéi rosen Honn | Romuald |
| Freideg | 20 | Eng Bees ouni Baart, eng Rous ouni Blat | Silvère |
| Samschdeg | 21 | Eng blann Sau kann och eemol eng Eechel fannen **SUMMER** | Rodolphe |
| **SONNDEG** | **22** | Fréi opgestan mécht den Dag laang | Paulinus |
| Méindeg | 23 | **LETZEBUERGER NATIONALFEST** | Audrey |
| Daaschteg | 24 | **HI JOHANNESGEBUURT** | |
| Mëttwoch | 25 | Ginn a erëmgeholl ass gestuel | Guillaume |
| Donneschteg | 26 | Grimmele sinn och Brout | Anthelme |
| Freideg | 27 | Et gi vill gedëlleg Schof an engem Stall | Fernand |
| Samschdeg | 28 | E Sprachwuurt, e Wouerwuert | Fabien |
| **SONNDEG** | **29** | **Péitrus a Paulus** | |
| Méindeg | 30 | **Häerzjesu** | |




GUIRSCH : rue du village et l'église. (oblitéré en 1910)

# JULI - HEEMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | Wann eng Méck doutgeschloen gëtt, kommen hirer 20 op d'Begriefnes | Thierry |
| Mëttwoch | 2 | Margréit, wuer gess de? Blumme plecken da weest d'et ...... (Maria-Heimsuchung) | Visitation |
| Donneschteg | 3 | E fillt sech nët op senger Mëscht | Thomas |
| Freideg | 4 | Wat mécht een nit fir Geld a gutt Wuert? | Florent |
| Samschdeg | 5 | En ass vir bäi an hanne widder! | Touni |
| **SONNDEG** | **6** | D'Uersaache sinn do fir ze gebrauchen | Maria Goretti |
| Méindeg | 7 | Wat ee net brauche kann, ass geschenkt ze deier | Raoul |
| Daaschteg | 8 | Brav Meedercher a gutt Gäns gi mat Zäit heem | Thibaut |
| Mëttwoch | 9 | Déi eng iessen d'Kiischten, déi aner kréien de Kuerf ugehaang | Amandine |
| Donneschteg | 10 | Hie frësst d'Kiischte mat de Stillen | Ulrich |
| Freideg | 11 | Do läit d'Kromm an der Heck | Benoit |
| Samschdeg | 12 | E päift wéi ee Lieweckerchen | Olivier |
| **SONNDEG** | **13** | Deen ass staark wéi e Päerd | Hari |
| Méindeg | 14 | **FRANSEISCH NATIONALFEST** | Kamill |
| Daaschteg | 15 | Wann d'Häerz voll ass, leeft de Mond iwwer | Donald |
| Mëttwoch | 16 | Ech hu mir en Häerz geholl an himm et gesot | Léif Fra vum Karmell |
| Donneschteg | 17 | D'Mamm ass d'Häerz vum Haus | Charlotte |
| Freideg | 18 | Looss däin Häerz schwätzen | Frédérik |
| Samschdeg | 19 | Margréit, wuer gees de? Blumme plécken, da wees d'et. | Arsène |
| **SONNDEG** | **20** | Margrittendag, reent et da ginn d'Nëss falsch | Margréit |
| Méindeg | 21 | **BELSCH NATIONALFEST** | Victor |
| Daaschteg | 22 | Fra a Mann ass ee Gespann | Maria-Magdaléna |
| Mëttwoch | 23 | Haut rout, mar doud | Brigitta |
| Donneschteg | 24 | Ham mat Zalot schmaacht besser wéi kale Brot | Kriss |
| Freideg | 25 | Jidder Hond huet säin Dag | Jhak |
| Samschdeg | 26 | Jonken Dokter, fette Kierfecht | Anne a Joackim |
| **SONNDEG** | **27** | Leed a Freed si Brudder a Sëschter | Nathalie |
| Méindeg | 28 | Leed oder Freed, an fofzeg Jor ass alles eent | Samson |
| Daaschteg | 29 | Wann d'Borschte maans a mauseg ginn da solle se schaffen | Marthe |
| Mëttwoch | 30 | FIRWËTZ: Wéi ass et mam Freier ? Deen ass nach an der Maach! | Juliette |
| Donneschteg | 31 | Ass däi Papp doheem? -Majëmmen! En huet sech aus dem Stëbs gemeet | Ignace |





MESSANCY : la descente de l'église (oblitéré en 1924)




WOLKRANGE : l'église

# AUGUST - HUEWERMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | Hänk nët jidderengem alles op d'Nues | Fonsi |
| Samschdeg | 2 | Am Ongléck erkennt ee séng Frënn | Julien |
| **SONNDEG** | **3** | E kënnt do geflappt wéi eng Kou | Lydie |
| Méindeg | 4 | Deen do fläisst sech fir aarm ze ginn | J.M. Vianey |
| Daaschteg | 5 | Ouni Méi kritt ee Fléi! | N.D. des Neiges |
| Mëttwoch | 6 | **CHRISTISVERKLÄRUNG** | |
| Donneschteg | 7 | Schneit d'Brout gläich da gëss de räich | Julienne |
| Freideg | 8 | Du verhäls och nëmmen eppes vun zwielef Auer bis Mëtteg | Domenék |
| Samschdeg | 9 | Iers du do bass sinn d'Fräschen (d'Schleken) zu Metz! | Amour |
| **SONNDEG** | **10** | Scheck den Iesel fort, da kënnt een Dabo erëmm | Lorenz |
| Méindeg | 11 | Vum Näischtmaachen gëtt een och alt midd | Klara |
| Daaschteg | 12 | Et ass em esou wuel déi dem Mued am Apel | Clarisse |
| Mëttwoch | 13 | Mengt der ech wier mam leschte Wieder vun der Heck gefall? | Hippolyte |
| Donneschteg | 14 | Deen ass nëmme gutt fir Muerten ze trëppelen | Evrard |
| Freideg | 15 | **MARIA HIMMELFAART -LEIFFRA KRAUTDAG** | |
| Samschdeg | 16 | Deem seng Kanner si jo nëmme Péckvillercher | Rock |
| **SONNDEG** | **17** | En ass nët Scheefche wéi e Woll dréit! | Hyacinthe |
| Méindeg | 18 | Du luese Schleek, mach virun! | Hélène |
| Daaschteg | 19 | Waarm Féiss, ee kale Kapp | Jean Eudes |
| Mëttwoch | 20 | En huet e Kapp wéi eng geschueren Eil | Bernard |
| Donneschteg | 21 | D'Aarbecht ass mer iwwert de Kapp gewues | Christophe |
| Freideg | 22 | **MARIA KINNEGIN** | |
| Samschdeg | 23 | Maach kengem Komplimenter dee Geld siche kënnt | Rosa |
| **SONNDEG** | **24** | Munnech Alen ass nët sou raschteg wéi der vill mengen | Barthélemy |
| Méindeg | 25 | Ouni Frënn liewen, ouni Zeie stierwen | Louis |
| Daaschteg | 26 | Näischt ass näischt a bleift näischt | Natacha |
| Mëttwoch | 27 | Jonkt Blutt spuert däi Gutt, am Alter deet et gutt | Monika |
| Donneschteg | 28 | Keelt ass nët ëmmer Stolz, Schéinheet ass nët ëmmer Dommheet | Augustin |
| Freideg | 29 | Kaaf nët mat déngen Oueren, ma mat déngen Aen | Sabine |
| Samschdeg | 30 | Hongereg Läis bäissen uereg | Fiacre |
| **SONNDEG** | **31** | **MARIA HËLLFERIN** | |




MARTELANGE : Les ardoisières

# SEPTEMBER - HIERSCHTMOUNT


| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Hues de dräi Nëss an der Täsch, werf der zwou ewech an d'Waasser an iess eng ......... | Jhill |
| Daaschteg | 2 | Wat fir ee Schouschter huet der d'Hor geschnidden? ......... | Ingrid |
| Mëttwoch | 3 | Hatt war dätsch wéin eng Quetsch ......... | Grégoire |
| Donneschteg | 4 | Hie war blo wéi eng Quetsch ......... | Rousel |
| Freideg | 5 | Ech hunn d'Schong voller Féiss vu Middegkeet ......... | Raïssa |
| Samschdeg | 6 | Ongléck mat de Fraen a Gléck mat de Päerd mecht ee räiche Mann ......... | Ewa |
| **SONNDEG** | **7** | Zwou Kazen an eng Maus, zwou Fraen an engem Haus ......... | Régina |
| Méindeg | 8 | **MARIA GEBUURT** | |
| Daaschteg | 9 | Et muss een de Mond op der rechter Plaz hunn ......... | Alain |
| Mëttwoch | 10 | Bekëmmer dech dénger, da kënns de a näischt ......... | Ines |
| Donneschteg | 11 | Kräisch nët dees du bass geschloen ......... | Vinciane |
| Freideg | 12 | Et mengt et hätt eiser Härgott mat der décker Zéif ......... | Appolinaire |
| Samschdeg | 13 | Wann d'Kand am Pëtz läit, man se een Deckel drop ......... | Aimé |
| **SONNDEG** | **14** | **HL. KRÄIZ** | |
| Méindeg | 15 | **SCHMÄERZHAFTE MUTTER** | |
| Daaschteg | 16 | De Mond ass him gaang wéi eng Peffermillen ......... | Edith |
| Mëttwoch | 17 | Hatt ass ëmmer do mat sénger Peffermillchen ......... | Renaud |
| Donneschteg | 18 | D'Porette sollen am Stéck sech d'Hänn reechen! ......... | Ariane |
| Freideg | 19 | E Schof bleift e Schof ......... | Emilie |
| Samschdeg | 20 | Wann emol ee Schof iwwert de Gruef ass, da kommen déi aner no ......... | Andréas |
| **SONNDEG** | **21** | Bäi deem Wieder wiest enger aler Geess de Schwanz ......... | Mathieu |
| Méindeg | 22 | Déi kleng Mécken hunn hiert Gëft no beieneen ......... | Moriz |
| Daaschteg | 23 | Ech huelen d'Saach an d'Hänn **HIERSCHT** ......... | Constant |
| Mëttwoch | 24 | Ech wees et aus éischter Hand ......... | Thècle |
| Donneschteg | 25 | Et steet mer nët zu Hand ......... | Hermann |
| Freideg | 26 | Schlecht Beispiller verdréiwe gutt Manéier ......... | Côme an Damien |
| Samschdeg | 27 | Schwätz wéinig, lauschter vill ......... | Vincent de Paul |
| **SONNDEG** | **28** | Reent et sonndes vir der Mass, da reent et an der Woch gewëss ......... | Wenceslas |
| Méindeg | 29 | **MECHELSDAG.** | |
| Daaschteg | 30 | Soen a maachen ass zweeërlee ......... | Jhérom |




FRASSEM : rue du Village

# OKTOBER - WÄIMOUNT GROMPEREMOUNT - REISMOUNT


| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | 't ass keen Hellegen esou kleng en hätt gär seng Kapell | Thérésa |
| Donneschteg | 2 | **SCHUTZENGELFEST** | |
| Freideg | 3 | Vun de Gromperen kritt een de Réck wéi | Gérard |
| Samschdeg | 4 | Wann d'Gromperen eraus geholl ginn, da ginn och déi meescht giess | Franziskus |
| **SONNDEG** | **5** | Besser fräi an der Friemd wéi Kniécht doheem! | Flora |
| Méindeg | 6 | Déi Musek geet engem duurch Muereg a Schank | Bruno |
| Daaschteg | 7 | Owes nit schlofen a mueres nit op! | N.D. du ROSAIRE |
| Mëttwoch | 8 | Friessen a Saufe mécht räich Dokteren | Pélagie |
| Donneschteg | 9 | All Nuecht ass hien am gaang Dille ze seeën | Denis |
| Freideg | 10 | Kleng Dëppe lafe gär iwwer | Ghislain |
| Samschdeg | 11 | En Dëppen dat kacht lääft gläich iwwer | Firmin |
| **SONNDEG** | **12** | Bäi deene gëtt et nit vill an de Raf | Wilfried |
| Méindeg | 13 | Breng d'Ax, et ass ee Raup am Gaart | Gérard |
| Daaschteg | 14 | Kanner, Holz a Stolz wiist Nuecht an Dag | Juste |
| Mëttwoch | 15 | En huet Aen wéi en Uhu! | Thérèse vun Avila |
| Donneschteg | 16 | En ass frech wéi ee Spatz! | Hedwige |
| Freideg | 17 | En ass béis wéi eng Spann! | Baudouin |
| Samschdeg | 18 | **LUKSDAG** | |
| **SONNDEG** | **19** | De Bauch kann nit fir de Kapp | René |
| Méindeg | 20 | En ass sengem Bauch kee Stéifpapp | Adeline |
| Daaschteg | 21 | En huet sech an d'Broscht gehäit | Céline |
| Mëttwoch | 22 | En huet ee Bauch, e gesäit seng eege Féiss nët | Elodie |
| Donneschteg | 23 | Et ass net gutt wann een deem aner an d'Dëppe gesäit | Jean de C |
| Freideg | 24 | D'Bestueden an d'Blutt deet sele gutt | Florentin |
| Samschdeg | 25 | Vill Besen drechenen de Mond aus | Crépin |
| **SONNDEG** | **26** | So nët Gäns zu dénger Fra, wëll du bass de geplëmmte | Dimitri |
| Méindeg | 27 | So Guddes vun der Bréck wou's de driwwer gees | Emeline |
| Daaschteg | 28 | Wa Plaz am Häerz ass, dann ass der och am Haus | Simon |
| Mëttwoch | 29 | Wann een nët huet wat ee gär huet | Narcisse |
| Donneschteg | 30 | ... da muss een dat gär hu, wat een huet | Bienvenue |
| Freideg | 31 | Zevill gescheit ass domm | Quentin |



Harmonie Royale L'Aurore d'Autelbas-Barnich à l'occasion des fêtes du centenaire de la Belgique (1830)

# NOVEMBER - NIWWELMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | **ALLERHELLEGEN** | |
| **SONNDEG** | **2** | **ALLERSEILEN** | |
| Méindeg | 3 | **HUBERTUSDAG** | |
| Daaschteg | 4 | Hien ass de Kinnék vun den Ieselen | Karel |
| Mëttwoch | 5 | All Fro as enger Äntwert wäert | Sylvie |
| Donneschteg | 6 | Dee vill freet gëtt vill gewuer | Bertille |
| Freideg | 7 | Op eng domm Fro gehéiert eng domm Äntwert | Willibrord |
| Samschdeg | 8 | Mat Froe vermécht een näischt | Geoffroy |
| **SONNDEG** | **9** | En ass frou dermat wéi d'Gääss mam Messer | Théodore |
| Méindeg | 10 | Honn an Hären mache keng Dier hanneru sech zou | W.Léon |
| Daaschteg | 11 | **ARMISTICE 1918** **MÄERTESDAG** | |
| Mëttwoch | 12 | All Vulle stierwen nëmmen d'Näidvullen nit | Christian |
| Donneschteg | 13 | Wou näischt ass geet näischt ze schanen! | Brice |
| Freideg | 14 | Deen sech näischt mécht, deen ass och näischt | Sidoine |
| Samschdeg | 15 | **BELSCH DYNASTIEFEST** | Albert-Léopold |
| **SONNDEG** | **16** | Doheem nët wuel, néiere wuel | Gréit |
| Méindeg | 17 | Wann een domm ass, dann ass et fir laang | Elisabeth vun Ungarn |
| Daaschteg | 18 | Wat een den Dreck méi réiert, wat e méi stenkt | Aude |
| Mëttwoch | 19 | Salz a Brout mecht d'Baake rout | Tanguy |
| Donneschteg | 20 | D'Brout war haart ewéi eng Schank | Edmond |
| Freideg | 21 | **MARIA VIRSTELLUNG** | |
| Samschdeg | 22 | Déi gutt Zopp mat vill Aen drop! | Cecilia |
| **SONNDEG** | **23** | Véier Aen gesinn méi wéi zwee | Clément |
| Méindeg | 24 | Dee frësst un zwou Kréppen! | Flora |
| Daaschteg | 25 | **KATRINNENDAG** | |
| Mëttwoch | 26 | **CHRIST-ROI** | |
| Donneschteg | 27 | Du hëls awer kee Blat vrun de Mond | Astrid |
| Freideg | 28 | Batter fir de Mond ass gutt a gesond | Berthuin |
| Samschdeg | 29 | Un der Nues erkennt een den Hues | N.D. de BEAURAING |
| **SONNDEG** | **30** | **1. Adventssonndeg** | Andréas |







STERPENICH : le pont (oblitéré en 1921)

UDANGE : ferme (oblitéré en 1909)

# DÉZEMBER - KRESCHTMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | **ELIGIUSDAG** | |
| Daaschteg | 2 | Duerch vill Schmidde gëtt ee Schmadd | Viviane |
| Mëttwoch | 3 | Wann d'Feier am Stréi ass, dann ass kee Läsches méi | François-Xavier |
| Donneschteg | 4 | E schwätzt vill wann den Dag laang ass | Barbara |
| Freideg | 5 | Wie laang schléift, schléift sech waarm | Gérald |
| Samschdeg | 6 | **NEKLOSDAG** | |
| **SONNDEG** | **7** | **2. Adventssonndeg** | Ambroise |
| Méindeg | 8 | **ONBEFLECKTE EMFÄGNIS** | |
| Daaschteg | 9 | Den Honger dréift de Wollef aus dem Bësch | Péiter Fourier |
| Mëttwoch | 10 | Wou et op de Paschtouer reent drëpst et op de Koschter | Romaric |
| Donneschteg | 11 | Honger ass de beschte Kach! | Daniel |
| Freideg | 12 | En ass drop lass gaang wéi de Stéier op d'rout Duch | Corentin |
| Samschdeg | 13 | **LUZIASDAG** | |
| **SONNDEG** | **14** | **3. Adventssonndeg** | Odile |
| Méindeg | 15 | Schlechten Deesem, schlecht Brout | Ninon |
| Daaschteg | 16 | Deen do, deen ass am Schiet gebäämt | Alice |
| Mëttwoch | 17 | En hätt gär eng Schmier mat dueble Suelen | Gaël |
| Donneschteg | 18 | E stong do wéi e Juegdhond | Gatien |
| Freideg | 19 | An deene Strëmp do fannen d'Mais hir Jong nit méi erëm | Urbain |
| Samschdeg | 20 | Elo geet et séier op de Juck! | Abraham |
| **SONNDEG** | **21** | **4. Adventssonndeg** | Thomas |
| Méindeg | 22 | Ech loosse mer d'Oueren nët zéien **WANTER** | Françoise |
| Daaschteg | 23 | Lo gëtt sech mol op d'Ouer geluegt | Armand |
| Mëttwoch | 24 | Ech hu keng Aen am Réck | Adèle |
| Donneschteg | 25 | **KRËSCHTDAG** | |
| Freideg | 26 | Wann der Däiwel d'Kou huet, kann en d'Kallef och huelen | Etienne |
| Samschdeg | 27 | Wann en Alen danzt, mécht e vill Stëbs | Jean-Evangéliste |
| **SONNDEG** | **28** | **HL. ONSCHËLLEG KANNER** | |
| Méindeg | 29 | Zënter ass der Doud erfond ass, ass een des Liewen nët méi sécher | David |
| Daaschteg | 30 | Zäit ass Geld | Roger |
| Mëttwoch | 31 | **SILVESTEROWEND** | |

# *Déi wéineg versprät Sproochen vun Europa*

1 aragones
2 arbërishtja/arbërichte
3 armânesti
4 asturianu
5 balgarski
6 brezhoneg
7 catala
8 cesky
9 corsu
10 cymraeg
11 dansk
12 deutsch
13 euskara
14 français
15 franco-provençal
16 frasch
17 frysk
18 gaelige
19 gaidhlig
20 galego
21 griko
22 hrvatski
23 hernewek
24 ladin
26 lëtzebuergesch
27 magyar
28 makedonski
29 nederlands
30 occitan
31 parler du domaine d'oïl
32 samegiella
33 sardu
34 scots
35 seeltersk
36 serbscina
37 slovensko
38 slovensky
39 suomi
40 svenska
41 türkçe

